

Spilles Lëtzebuergesch léieren mat „Talk Business“

Lo kuerz ass bei der Firma „Eurotalk Interactive“ zu London, déi 2002 als Qualitéitslabel „The Queen’s Awards for Enterprise: Innovation 2002“ kritt huet, eng nei DVD eraus ginn, fir Lëtzebuergesch ze léieren.

Dat hei ass schonns di fënneft CD-Rom, di rauskomm ass, fir Lëtzebuergesch ze léieren: 1. „Talk now“; 2. „Talk more“; 3. „Talk the Talk“; 4. „Vocabulary Builder“ an elo dann „Talk Business“.

D’Firma „Eurotalk Interactive“ vu London huet bis elo CD-Romen rausginn, fir méi wi honnert Sproochen ze léieren, dorënner di ausgefaalenst, wi z.B. fir di äthiopesch Sprooch ze léieren. Demnächst lo soll eng CD-Rom a konkolescher Sprooch produzéiert ginn.

Dës CD-Rom, déi den Titel „Talk Business“ dréit, riicht sech haaptsächlech u Geschäftsleit, Fräiberuffler a selbststänneg Firmenleit am allgemengen.

Wann een an dëser Eegenschaft am Ausland wëllt erfollegräich sën, da sën all déi CD-Romen mat dem Ënnertitel „Business“ grad dat richtegt: am selwechte Mooss ass dës CD-Rom eng excellent Méiglechkeet, fir als Geschäftsmann, als Besëtzer vun enger Firma oder als Businessman Lëtzebuergesch ze léieren an sech vill besser Geleeënheeten an sengem Beruff opzebauen. Et ass nämlech den idealen Léierprogramm fir déi Leit, déi schonns d’Grundlagen vun der Zielsprooch kennen. Well „Talk Business“ a lëtzebuergescher Sprooch kann deene Businessleit, déi dermat schaffen, genee déi Sproochkenntnisser vermëttelen, déi se an hirem Geschäft hei zu Lëtzebuerg brauchen. De Benotzer vun dëser CD-Rom gëtt einfach Sätz a Wendungen an eiser Sprooch geléiert wi „Wéi heescht är Internet-Adress“ bis hin zu méi déiwen Diskussiounen iwver Wiesselcoursen vun de Währungen, Garantieleschtungen a Budgetsen am Beräich Marketing.

Firm at dëser CD-Rom ze schaffen an ze léieren, geet et duer, datt een e Computer Macintosh OS x 10.2 oder méi héich oder de Programm Windows 2000, XP oder Vista huet an einfach d’CD aleet, fir eis Sprooch direkt op eng flott an agreabel Manéier ze léieren.

Bis elo hun di véier éischt Editiounen vun CD-Romen fir Lëtzebuergesch ze léieren e ganz groussen Zousproch fonnt; et sën der souguer bis an d’Vereenegt Staaten vun Amerika vu Lëtzebuerg aus verschéckt ginn.

Dëse neien CD-Rom „Talk Business“ mat der Sichnummer ISBN 184606302-7 ka fir de Präis vun 39,95 Euro, zousätzlech hei am Land 2 Euro fir d’Käschten a 5 Euro fir an d’Ausland, bestallt ginn bei Jeanny Friederich-Schmit, Tel. 32 94 07, Fax 26 32 11 77 oder E-mail friedjan@pt.lu.

Weider wichteg Informatiounen kann een um Internet-Site www.language.lu kréien.

Z.